N°720
Entrée le 05.06.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro n° 720 vum 10. Mee 2024 vun den honorablen Här Deputéierten Marc Goergen a Sven Clement betreffend d'Sécherheetsgurten an de Busser, déi fir den ëffentlechen Transport agesat ginn**

*1. Ass der Regierung bekannt, wéi vill Busser, déi fir den ëffentlechen Transport agesat ginn, net mat Sécherheetsgurten equipéiert sinn (an absolutten Zuelen an a Prozent)?*

D'RGTR Flott, déi de regionalen an nationale Reseau ofdeckt, ass quasi komplett mat Sécherheetsgurten equipéiert.

Vun den 1.251 Busser, déi aktuell an der RGTR Flott ugemellt sinn, sinn et just 9 Busser, déi ouni Sécherheetsgurten equipéiert sinn (0,72%). Bei dëse Busser handelt et sech em eeler Modeller.

Bei der AVL a beim TICE, déi den urbane Raum mat hirer Flott ofdecken, ass d'Situatioun déi Follgend:

- TICE: Vun 140 Busser ass kee mat Sécherheetsgurten equipéiert
- AVL: 48 Busser hu keng Sécherheetsgurten (36% vun der AVL Flott)

Bei der AVL sief bemierkt, dass duerch déi zukünfteg Erneierung vun der Flott, 100% vun de Busse fir Ufank 2026 mat Sécherheetsgurten equipéiert wäerte sinn.

*2. Ass der Regierung bekannt, wéi vill Busser, déi spezifesch fir den Transport scolaire agesat ginn, net mat Sécherheetsgurten equipéiert sinn (an absolutten Zuelen an a Prozent)?*

Am Schoultransport ass et esou, dass engersäits Bussen agesat ginn, déi spezifesch fir den Transport scolaire fueren, anerersäits awer och Busser, déi am regulären ëffentlechen Transport fueren.

Wat de regionalen an nationale Reseau ubelaangt, si vun den 235 Busser, déi spezifesch fir den Transport scolaire agesat ginn, 100% matt Sécherheetsgurten equipéiert.

Fir den AVL's Reseau ginn et keng Busser, déi spezifesch fir den Transport scolaire agesat ginn.

Um Reseau vum TICE komme 47 Busser pro Dag ouni Sécherheetsgurte fir de Schoultransport, d.h. fir den Enseignement secondaire, an den Asaz.

*3. Gëtt drop opgepasst, dass Busser, déi mat Sécherheetsgurten equipéiert sinn, prioritär fir de Schoultransport agesat ginn?*

Prinzipiell gëtt besonnesch Wäert drop geluecht, dass Busser, déi mat Sécherheetsgurten equipéiert sinn, prioritär fir de Schoultransport agesat ginn.

Lëtzebuerg, den 5 Juni 2024

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes